N°4658
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„D'Fro vun der Migratioun an dem Openthalt vu Persounen, déi hei zu Lëtzebuerg kee gültegt Openthaltsrecht hunn, gëtt reegelméisseg an diversen Diskussioune gestallt. Eng wierksam a rechtskonform Ëmsetzung vun de Retour-Entscheedunge spillt dobäi eng zentral Roll. Gläichzäiteg soll een d'Entwécklung vun der Zuel vun den Demandeurs de protection internationale souwéi d'Hierkonftslänner vun de Persounen, déi an eisem Land Schutz sichen oder kréien, net aus dem Bléck verléieren.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Persoune goufen zënter 2020 pro Joer aus eisem Land an hir respektiv Heemecht zréckgefouert? Kann de Minister dobäi tëscht fräiwëllege Retouren a gezwongene Réckféierungen an aner EU-Memberstaaten ënnerscheeden?
- Wéi vill Retour-Entscheedunge goufen zënter 2020 pro Joer ausgestallt, a wéi vill dovunner goufen tatsächlech ëmgesat?
- A wéi ville Fäll ass eng Réckféierung net reusséiert? Wat waren d'Haaptursaachen dofir ?
- Wéi huet sech d'Zuel vun den Demandeurs de protection internationale tëscht 2020 an 2026 entwéckelt ? Kann den Här Minister déi järlech Zuelen an déi zéng meescht vertruede Nationalitéiten nennen?
- Wéi eng Nationalitéite sinn den 1. Januar 2026 bei de Persounen, déi zu Lëtzebuerg internationale Schutz hunn, am stäerkste vertrueden?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten